N°276
Entrée le 08.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 276 vum 2. Februar 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen.**

1. *Wat fir eng Pläng huet d'Regierung betreffend d'Urgencen op de Proximitéits-Sitten vum CHEM?*

D'Haaptmissioun vum Noutdéngscht am Service urgences vum CHEM ass d'medezinesch Versuergung vun den net programméierte Besoin'en vu Patienten an der Südregioun vu Lëtzebuerg.

Den Noutdéngscht « Service hospitalier Urgences » gëtt assuréiert um Site Esch-Uelzecht. Doniewent ginn et zwou Poliklinicken, zu Diddeleng respektiv zu Nidderkuer, déi och d'medezinesch Versuergung vun net programméierte Patiente sécher stellen. Des Poliklinicken kënnen awer nëmmen ausnamsweis kleng Noutfäll à charge huelen. De Samu an och méi schwéier Noutfäll ginn zu Esch behandelt.

Am Accord de coalition 2023-2028 huet d'Regierung festgehale fir eng Analyse vum Noutdéngscht an och der Aktivitéit vun de Services Urgences ze maachen. Eng erweidert Offer soll och an den Poliklinicken ugeduecht ginn.

2. *Wéi eng Servicer sollen op déi jeeweileg Sitten* dobäikomme *bis 2028?*

No der uewegenannter Analyse mat den Acteure vum Terrain wäert den M3S Aktivitéite festhalen déi an de Poliklinicke kënne realiséiert ginn. Aktuell ginn an dëse Poliklinicken net programméiert Aktivitéite realiséiert an et wäert iwwerluet ginn wéi an engem medezinesch securiséierte Kader weider Aktivitéite kéinten bäikommen.

Doriwwer eraus sief drun erënnert dass niewent de Poliklinicken um Site Nidderkuer an um Site Diddeleng eng Exploitatiounszouloossung, déi gülteg ass vum 1. Januar 2024 bis den 31. Dezember 2025, u folgend Spidolsservicer ausgestallt gouf:

Um Site zu Nidderkuer :

- Service de cardiologie (Antenn);
- Service de gériatrie aiguë (Haaptsite);
- Service d'hospitalisation de jour chirurgicale (Antenn);
- Service d'hospitalisation de jour non chirurgicale (Antenn);
- Service d'hospitalisation de jour non chirurgicale - Laboratoire du sommeil (Haaptsite);
- Service d'imagerie médicale (Antenn);
- Service de médecine interne générale (Haaptsite);Service de psychiatrie aiguë (Haaptsite);
- Service d'orthopédie (Antenn);
- Service d'hospitalisation de jour non chirurgicale - Médecine de l'environnement (Haaptsite);
- Service de médecine de l'environnement (Haaptsite).

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Um Site zu Diddeleng :

- Service d'imagerie médicale (Antenn);
- Service de rééducation gériatrique (Haaptsite);
- Service d'hospitalisation de jour de rééducation gériatrique (Haaptsite).

Ab dem 1. Januar 2026, mussen nei Zouloossungsverlängerungen un d'Spideeler erdeelt ginn. Dësen Zouloossungsprozess erméiglecht zukünfteg Gesondheetsbedierfnësser ze berücksichtegen, andeems d'Ausriichtung vun de Spidolsdéngschter un den demographeschen Trend, u Bevëlkerungsentwécklungen an den Afloss vun der ambulanter Versuergung ugepasst kënne ginn.

Lëtzebuerg, den 8. Mäerz 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez